

Gilles Estgen - President vum ORT Région Moselle Luxembourgeoise

Frae Power!

Net nëmmen zu Lëtzebuerg gëtt mat Recht kritiséiert, datt Fraen a Féierungspositiounen am Verglach zu de Männer nach ëmmer ënnerrepresentéiert sinn. Abee d'Muselregioun schéngt awer an där Statistik net esou schlecht do ze stoen. Mir hunn scho säit enger ganzer Rei Jore Ministerinnen aus dem Osten an de Regierungen, 4 vun eisen 7 aktuellen Ostdeputéierte si Fraen, ganz rezent hu mir eng Fra aus der Muselmetropol an d'Europaparlament gewielt an - last but not least - hu mir als eenzeg Regioun eng Wäikinnigin mat hire Prinzessinnen, déi als Botschafterinne mat grousem Asaz a Kompetenz d'Wäiner a Crémanten aus eiser Regioun no baussen hi vertrieeden a vermaarten.

Näischt géint de Bacchus, mee géint de Charme an d'Iwwerzeegungskraaft vun eisen Altesse komme mir Männer einfach net un. Och denken ech, datt mir net dat selwecht Mooss u Gedold an un Ausdauer hunn, ewéi d'Fraen. Et sinn awer besonnesch déi Kompetenzen, déi eis Wäikinninnen a -prinzessinnen onbedéngt brauchen an och regelméisseg beweisen, wann et dann heescht 4 Joer laang gedëlleg op säin Tour ze waarden, a während där Zäit méi Asaz ze garantéieren, wéi d'Joer Wochen huet, fir sech esou eng laang Zäit an den Déngscht vun der Regioun an dem Wäin ze stellen. Eist Sophie huet dobäi als 69. Wäikinnigin och nach seng perséinlech "keck" Nott mat erabruecht, hatt war ëmmer gutt drop, a war sech fir kee "Selfie" am Sënn vun der Saach ze schued. Dat ass d'Muselregioun wéi mir se gären hunn - déi spontan, oppe Manéier, fir op d'Leit duer ze goen, dat ass eis authentesch Aart a Weis, fir d'Kultur an de Liewensstil vun de Mënschen aus eiser Regioun no baussen hin duerstellen. Et ass och genau déi authentesch Aart, an déi domat verbonne flott an onvergiesslech Erliedner, déi d'Touristen ëmmer méi opsichen a gäre genéisse wëllen.

D'Jessica wäert deem an näischt nostoen, an als 70. Lëtzebuurger Wäikinnigin an d'Geschicht agoen, woubäi hatt op seng eegen Aart a Weis d'Missiounen, déi him fir dat nächst Joer operluecht ginn, sécher mat Bravour meeschtere wäert.

Datt eis Damme sech och no hirer Zäit am Amt weider fir d'Saach engagéieren, weist déi Tatsaach, datt d'Carole Clemens, d'Wäikinnigin vun 2001, sech elo als nei Presidentin vum Comité des Fêtes och weiderhi fir eise Wäin, eise Crémant an eis Traditioun staark mécht. Mee net nëmmen dat: och an der Zesummesetzung vun neie Comité fanne sech eng ganz Rei vun eise fréiere Wäikinninnen erëm. Den Éierepresident Paul H. Lorenz wäert et freeën, datt säin Asaz an Innovatiounsgeescht op esou eng flott, dynamesch a professionell Aart weidergefouert gëtt.

Och dëst Joer léisst de Programm vum 70. Drauwen- a Wäifest sech absolut weisen, a wäert och nees eng ganz Rei Leit, vun no a vu méi wäit, op Maacher zéien. Den Tourismus - deem seng Koordinatioun beim ORT-Miselerland iwwregens quasi exklusiv an de kompetenten Hänn vu Frae läit

- wäert also weiderhi vun eise flotte Wäifester profitéieren. A firwat net emol, ganz nom Motto “#vakanzdoheem”, sech et op eise Fester laanscht d’Musel an am Hannerland richteg gutt goen loossen?

D’Maacher Drauwen- a Wäifest dierft do op kee Fall op der Lëscht feelen. Genéisst et!

PS.: Männer, et sinn net ëmmer nëmmen d’Fraen, déi näischt drénken dierfen, well jo herno fir heem nach ee muss kënne fueren... dofir ginn et jo awer schliisslech d’Busnavetten!

Gilles ESTGEN

**President vum
Office Régional du Tourisme (ORT)
Région Moselle Luxembourgeoise**